N° 4737
Reçue le 26.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.07.2021

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

An engem RTL-Artikel steet haut ze liesen, dass sech an Däitschland vu 36 Milliounen Leit, déi komplett geimpft waren, just 0,015% mam Coronavirus infizéiert hätten.

Och wann een zu Lëtzebuerg an de wöchentleche Rapporten vum Santésministère Informatiounen fënnt, iwwer d'Unzuel vun Infizéierten, vu Leit an de Klinicken an op der Intensivstatioun, vu verstuerwene Leit, sou gëtt kee Bezuch op den Impfzoustand vun de betraffene Persounen gemaach, i.e. op déi betraffe Persounen scho geimpft waren oder net.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen :

- Wier et méiglech Informatiounen iwwer den Impfzoustand vun uewegenannte Persounen réckwierkend iwwer déi lescht Wochen ze kréien (ugefaangen mat der Woch vum 28. Juni 2021)?
- Kéint d'Madamm Ministesch veruloossen, dass dës Informatiounen an déi nächst Wocherapporten direkt mat integréiert ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Michel Wolter
Deputéierten

N°4737
Reçue le 31.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 27 août 2021

**Réf. :** 839xd2496

**Concerne**: Question parlementaire n° 4737 du 23 juillet 2021 de Monsieur le Député Michel Wolter

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n°4737 du 23 juillet 2021 de Monsieur le Député Michel Wolter concernant « Infections à la Covid-19 de personnes vaccinées ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4737 du 23 juillet 2021 de Monsieur le Député Michel Wolter concernant Infections à la Covid-19 de personnes vaccinées**

Zënter dem 28.7. publizéiert den Gesondheetsministère an sengem wëchentlechen Rapport den Impstatutt (net geimpft oder kompletten Impfschéma) vun den Leit déi positiv op den Covid-19 getest gi sinn, nodeems si komplett geimpft waren, an zënter dem 18.8. och d 'Donnéeën vun de Leit déi wéinst Covid-19 hospitaliséiert sinn, trotz komplettem Impf-Schema.

| Semaine | Nouvelles infections | Schéma vaccinal complet | Part des schémas vaccinaux complets | Non vaccinés + partiellement vaccinés (1 dose sur 2) | Part des non vaccinés |
|---|---|---|---|---|---|
| 16-22 août | 440 | 109 | 25% | 331 | 75% |
| 9-15 août | 295 | 71 | 24% | 224 | 76% |
| 2-8 août | 404 | 95 | 24% | 309 | 76% |
| 26 juillet-1er août | 439 | 73 | 17% | 366 | 83% |
| 19-25 juillet | 566 | 105 | 19% | 461 | 81% |